# LES SACRIFIÉS

Bulletin bimestriel de la Fédération des Victimes du Nazisme enrôlées de Force




**Nationalkongress:** Gedenkzeremonie virum „Monument aux Morts" bei der Steseler Kiirch

3 1997
ai / Juin
37e année

# ✝ In Pace

**Sektioun Péiténg**

*Mir traueren ëm eis Komeroden,*
*déi äis am Joer 1996 fir ëmmer verlooss hun:*

| | | | |
|---|---|---|---|
| 12. 2.96 | LUCIUS René | 72 Joer | Lénger |
| 29. 2.96 | BARNIG Jules | 71 Joer | Péiténg |
| 8. 4.96 | WEYLER Jean | 70 Joer | Péiténg |
| 3. 7.96 | MONT Georges | 74 Joer | Péiténg |
| 18. 8.96 | KOHNER Nicolas | 74 Joer | Péiténg |
| 23. 8.96 | REIMEN Albert | 74 Joer | Péiténg |
| 14.11.96 | GOERRES Jeannot | 71 Joer | Rodange |
| | an ëm eis lescht Mamm vun engem gefalene Komerod a Giedel vun eisem Fändel | | |
| 21. 9.96 | Mme Marie GOEVELINGER-FEIPEL | 95 Joer | Péiténg |

Mir behale souwuel si wéi och eis Komeroden a Komerodinnen, déi gefall, vermësst oder an all dene Jore verstuerwe sin, a beschter Erënnerung.

**D'Amicale vun den Enrôlés de force Colmer-Bierg**

trauert ëm de Komerod

*Nicki GILLEN*

deen den 31. Mee 1997 vun eis gaangen as.

Mir hale säin Undenken a gudder Erënnerung a soen der Famill eist häerzlechst Bäileed.

Mär **Déifferdanger Zwangsrekrutéiert** traueren ëm eise gudde Komerod a Vizepresident



*Marcel SCHMIT*

deen eis den 28.2.1997 no schwéirer Krankheet fir ëmmer verlooss huet.

Hee wor Grënnungsmêmber vun eiser Sektioun am Joer 1961 an hat zënterhier an eisem Lokalcomité déi verschiddenst Funktiounen, déi heen trei a brav ausgeféllt huet, esou laang séng Gesondheet et him erlaabt huet.

Séng vill Verdingschter goufe gewürdegt 1966 mam Ruban en Argent an 1985 mam Ruban en Or.

Mär verléieren an him e wäertvolle Komerod, dee mär an dankbarer Erënnerung behalen.

Sénger Fra a sénger Famill eist oprichtegt Bäileed!

**D'Sektioun Schëffléng, Enrôlés de force,**

*trauert ëm dräi vun hire Mêmberen.*

*Goetz Jos – Geib Willy, Keesserevisor – Meyer Pierre, Sekretär*

MEYER Pierre

12.7.1923-24.2.1997

Maquisard dekoréiert

1. Médaille commémorative des volontaires luxembourgeois de la guerre de 1940-1945 (30.3.1946)
2. Croix de guerre, deux sabres 1940-1945 (10.2.1949)
3. Médaille commémorative de la guerre 1940-1945 (22.3.1951)
4. Médaille de la résistance (22.3.1951)
5. Médaille du volontaire de guerre – combattant (10.6.1969)
6. Insigne de résistant (15.2.1969)
7. Médaille du maquisard (5.9.1979)
8. Médaille de l'ordre de la résistance 1940-1944 (5.11.1987)
9. Ruban en argent E.D.F. (1973)
10. Ruban en or E.D.F. (1986)

Mêmber vun der commissioun Ruban
Sekretär vun der Schëfflénger Sektioun vun 1975-1997

Der Famill eist häerzlechst Bäileed

**D'ENRÔLÉS DE FORCE, VICTIMES DU NAZISME SEKTIOUN LËTZEBUERG**

*trauert ëm hir Komerodinnen a Komeroden,*

verstuerwen am Joer 1995

Braun Pierre
Ries Emile
Barthelmy Aloyse
Conrad Henri
Kommer Nicolas
Spranck René
Faber Emile
Olinger Félix
Lommel Célestin
Niesen Emile
Kieffer-Logelin L.

verstuerwen am Joer 1996

Gremling Jean
Poeckes Roger
Braun Pierre
Tresch Albert
Falkenstein Henri
Pultz Léon
Ries-Berté Marg.

vum 1.1.97 bis 24.3.97

Weis Leopold
Kieffer Gusty
Schütz Armand
Schmit Edmon
Zieser-Mreches
Trierweiler René
Arend Fernand

*Mir vergiesse si nët!*






# D'Krichsjoeren 1940-1945

### WÉI ENG JUGEND DE KRICH ERLIEFT HUET

Dat as den Titel vun engem 280 Säiten décke Buch, dat de „Club des Jeunes Ell" dëst Joer erausgin huet. Layout an Drock as an der Sankt-Paulus-Dréckerei gemaach gin. Esouwäit äis bekannt as, gouf dat Buch hei zu Lëtzebuerg e Bestseller, an och schon déi zweet Editioun dervun as vergraff.

Bei Geleënheet vun der Presentatioun vum Buch zu Ell, den 1. Mäerz 1997, waren zwee Mêmbere vum Federatiounscomité op der Plaz, an zwar d'Komeroden Jos. Weirich a Gaston Junck. Déi béid hun alle Leit, déi do derbäi waren an nogelauschtert hun, a geraffter Form iwwer all dat geschwat, wat mat dem Iwwerfall vun de Preisen den 10. Mee 1940 op eist Ländchen a bis den 8. Mee 1945 (Krichsenn), eragebrach war. De Misär, deen iwwer Leit a Land komm, war einfach enorm. Och hu si Ried an Äntwert gestan op all Froen, déi d'Leit u si geriicht hun. Weider haten déi Eller Medercher a Jongen och nach eng bedeitend Ausstellung ageriicht mat Saachen, déi aus der Krichs- an Okkupatiounszäit stamen. All Respekt an en héige Luef fir si!

Mir, déi Iwwerliewend vun der Zwangsrekrutéirung, sin haut mat 70 bis 77 Joer déi Al. Mä mir sin awer och déi virtuell Zäitzeien. Mir wëssen awer och, dass dat, wat esou nonchalant doruechter behaapt a gesot gët, dass eise Jonktem sech dem Schicksal an dem Leed vun hire Viirfuere foutéire géif, awer och glat nët stëmmt. Ofgesin dervun, datt d'Exceptiounen ewéi bei allem d'Regel bestätegen. Eise Jonktem as ganz staark drun interesséiert, gewuer ze gin, wat hire Grousselteren an Elteren deemools am Zweete Weltkrich widderfuer war. An hätt et duerfir nach un engem Beispill als Bewäis gefeelt, da krute mer deen zu Ell geliwwert, wou jonk Leit nët nëmmen interesséiert an d'Vergaangenheet kucken, mä ganz geziilt nofroen, wat a wéi dat dann deemools war. An da bréngen s'ët och nach färdeg, d'Resultat vun hire Recherchen oni grouss Pretentiounen an engem ganz valabele Buch festzeschreiwen, dat dann e Bestseller gouf.

Mir Enrôlés de Force felicitéieren déi jonk Leit vum „Club des Jeunes Ell". Si hun eng formidabel Leeschtung vollbruecht an doriwwer eraus e Beispill gi fir de ganze Jonktem vu Lëtzebuerg. Dem Laurent Diederich an dem Georges Ewen an hirer ganzer Equipe e grousse Merci! Dir jonk Leit, gleeft ës, mir wëssen ären Äifer an är Leeschtung z'appreciéieren!

Fir eise Lieser. Wat an deem Buch vum „Club des Jeunes" vun Ell dran as, drécke mer hei hannendrun duerch d'Inhaltsverzeechnes ongekierzt of an dat an der däitscher Sprooch.

Vorwort – Der Überfall – Gefallene und Vermißte – Bericht über das Lager Tambow – Pfarrer Demmer aus Deutschland – Reichsarbeitsdienst, RAD, Liste der zum RAD und zur Wehrmacht Einberufenen des Amtes





Redingen – Schloß Ansemburg, Marcel Schuh – Das Wehrertüchtigungslager von Schloß Ansemburg 1942-1944: Marc Schoellen – Versteckte Personen in Ell – Zeitzeugen: Albert Ries, Aline Schuh – Nothum, Josy Coljon, Willi Jungers, Anti Reger und Jhäng Graf, Etienne Backes, Félix Peiffer, Jos. Reger, René Schroeder – Der Weg nach Rußland, Léon Ney, Pferdemusterung – Beeinflussung der Jugend – Flugzeug-Abstürze: zwei Abstürze nahe Ell und nahe Rambrouch – Amerikanischer Flugzeugabsturz im Zweiten Weltkrieg/Collision de deux bombardiers américains – Luftangriffe im Kanton Redingen „Zu Holtz si Bomme gefall“ (18.7.1941) – Abgeworfenes Material aus Flugzeugen / Liste – Brief eines amerikanischen Soldaten – d'Amerikaner sin do! – Änderung von Vor- und Familiennamen – Hunde- und Schweinezählung – Gastwirtschaften – Ablieferung von Kirchenbüchern – Luftschutz von Kunstwerken – Die Resistenz – Rundstedtoffensive mit Berichten von Léon Goergen und Josy Coljon – Nachkriegszeit – „d'Bischofsheimer Jongen“ von Jos. Schmartz – Lied: „un eis Jongen 1940-1945“. Text a Musek: René Schmit – Kriegserinnerungen von Marie-Louise Erasmy – Merci.

Aus all deem geet ervir, datt et schon derwäert as, méi wéi een A an dat Buch ze werfen. Well dat Buch vergraff as, a fir déi, déi sech et awer nach wëllen uschafen, gët et



déi heite Méiglechkeet: Telephonéiert oder schreift äre Begier un den

*Här Laurent Diederich*
*14, rue Principale – L-8530 Ell*
*Telephon 62 10 47*

*EESTËMMEG GOUF UGEHOLL DËS*

# Protest-Resolutioun

Um Nationalkongress vun der „Association des enrôlés de force, victimes du nazisme“ e Samschdeg, den 19. Abrëll 1997, zu Stesel hun d'Landesdelegéiert eestëmmeg déi folgend Resolutioun ugeholl an den Central-Comité chargéiert, dëse Beschloss ze publizéieren:

Delegatiounen als Vertrieder vun der geafferter Generatioun, d. h. déi fréier Zwangsrekrutéiert vun de Joergäng 1920 bis 1927,

*begréissen,* dass och bei eis am Land Mega-Evenementer, wéi z. B. de Concert vum Michael Jackson, organiséiert gin,

*hun awer kee Versteesdemech derfir,* dass esou en Ereegnes jhust um Virowend vum Nationale Feierdag ofgehale gët,

*sin uerg betraff driwwer,* dass eis lëtzebuergesch Autoritéiten, esouwuel op lokalem wéi op nationalem Niveau, sech nët bewosst sin, a wat nach vill méi grave as, et zouloossen, dass d'Importenz vun eisem Nationalfeierdag mat esou engem Evenement minimiséiert, jo an den Hannergrond gedréckt gët,

*sin erféiert,* mat wellecher Liichtfankegkeet alles dat iwwergaange gët, wat eis echt lëtzebuergesch Identitéit ausmécht, an d'Feiere vun eisem Nationaldag hannert e Mega-Evenement gestallt gin,

*protestéieren dergéint,* dass durch eng oniwwerluechten anti-patriotesch Decisioun, déi Dausende vun Affer, a Prisongen, a Kazetter, an der Deportatioun, an der Zwangsrekrutéierung, déi, wéi et gegollen huet, hiert Liewen op d'Spill gesat an och geaffert hun, haut, 57 Joer duerno, einfach vun esou engem Mega-Evenement devaluéiert gin,

*verlaangen,* dass den Datum vun dëser Mega-Show verluecht gët, sief et op en aneren Dag oder och op den 23. owends, wann déi offiziell Feierlechketen eriwwer sin,

*fuerderen* all Lëtzebuerger op aus Solidaritéit mat denen Dausenden, déi mat „Vive Charlotte“ a „Vive Lëtzebuerg“ an den Doud gaange sin, nët elo an och nët an Zukunft u Monster-Manifestatiounen deelzehuelen, déi nët dem Geescht vun onsem Nationale Feierdag entspriechen,

*bieden d'Lëtzebuerger,* aus Protest nët bei Nationale Feierlechketen derbäi ze sin, déi ouni Grond op aner Deg verluecht gin an domat ons national Gefiller ënnergruewen,

*wonneren* eis nët, dass onser Jugend de Respekt vun onsen Institutioune verluer geet, wann ons Autoritéite mam schlechte Beispill vir gin.

**De Rescht vum Kongressbericht erschéngt am nächste Bulletin.**



# Nationalkongress

Schon erëm eng Kéier as den Zentralcomité vun der „Association des enrôlés de force, victimes du nazisme“ ugetrueden zum öffentleche Rechenschaftsrapport. Dat geschitt all Joers, an zwar schon zënter 1959.

Et as engem den 19. Abrëll 1997 virkomm, as ewéi wann een eréischt jhust de Kongress vum 20. Abrëll 1996 zu Käerch hanneru sech bruecht hätt. Vill ze séier war dat lescht Joer vergaang. An dach muss ee sech bewosst gin, datt et 366 Deg hat, déi, wéi et schéngt, am Alter manner laang erschéingen as ewéi an der Zäit, wéi mer nach méi jonk waren. Elo fänken d'Deg, d'Méint an d'Joeren un, engem fortzelafen.

Onse Komerode vun eiser Steseler Sektioun musse mer bescheinegen, datt si de Kongress virbildlech organiséiert haten. Méi glat a méi harmonesch kann esou eng grouss Tagung, wéi eisen Nationalkongress et as, nët iwwert d'Bühn goen, wéi dat de Fall war zu Stesel.

Ponkt 14.30 Auer war eng Gedenkzeremonie virum „Monument aux Morts“ bei der Steseler Kiirch (eis Photo). Den Nationalpresident Jos. Weirich huet zesumme mat dem Vizepresident vun der Steseler Sektioun an dem Steseler Schäffen Jacques Mischo Blumme virum Monument néiergeluecht. Iwwerdeem d'„Sonnerie aux Morts“ gespillt gouf, huet déi ganz Assistenz un déi dausend Medercher a Jonge geduecht, déi wéinst dem preiseschen Onrechts- an Terrorregime an der Zäit vun der Besatzung vun eisem Ländchen, an nach méi besonnesch no dem Dag vun der Liberatioun duerch d'amerikanesch Truppen, bis haut hiirt Liewe gelooss hun.

Dorun uschléissend hat sech de Festsall an der Steseler Schoul mat ronn 200 Participanten um Kongress archicombel gefëllt. Um 15 Auer huet de Sekretär Norbert Melcher vun der Steseler Sektioun de Kongress oppegemaach. Vun 52 Sektiounen haten der 47 (e Rekord) hir Delegéiert no Stesel gescheckt. Weider waren als Éieregäscht am Sall: de Vizepresident vun der Chämber, de Komerod Edouard Juncker, de Steseler Buergermeeschter Jean-Pierre Klein (hie war e bëssche méi spéit komm), Mëmbere vum Schäffen- a Gemengerot, den Nicki Koob vun den Ëmgesidelten, de Gaston Junck, President vun der „Amicale des anciens de Tambow“, vun der „Association des survivants des enrôlés de force“, d'Damme Josée Reeff a Mélanie Flammang, de Guy de Muyser, President vun der „Mémorial de la Déportation“-Stëftung, an dann, last but not least, de jonke Redaktiounsstaff vum „Club des Jeunes Ell“, an zwar: Diederich Laurent, Ewen Georges, Weisgerber Christian an d'Joffer Isabelle Boden. Si haten eréischt kiirzlech dat Buch erausgin: „D'Krichsjoeren 1940-1945 zu Lëtzebuerg / Wéi eng Jugend de Krich erlieft huet“.

U si all huet de Komerod Norbert Melcher sech adresséiert.

„Ech begréissen liech alleguer, déi dir iech haut de Mëtteg beméit hut a bei äis op Stesel komm sid, fir um Nationalkongress vun der ‚Association des enrôlés de force, victimes du nazisme' deelzehuelen. Domat hut dir äis Steseler eng ganz grouss Freed gemaach.

Iwwer eppes, wat mir ganz besonnesch um Häerz läit, muss ech bei dëser Geleënheet schwätzen. Et dréit sech ëm déi grouss Aarbechtslosegkeet an de Misère déisäit vu Musel, Sauer an Our. Dat gët bei äis hei zu Lëtzebuerg allze liichtfankeg registréiert (wie gehabt!). Mä dat as eng virtuell Gefor. Mir, déi mir haut als déi Al gëllen, hun dat, wat sech haut an deem neien Däitschland deet, an den zwanzeger an ugangs den drësseger Joer hautno materlieft. Erschrekkend as awer och d'Résurgence vun deem verfluchtenen Nazigeescht.

Deemools war d'Enn een eenzege grousse Chaos, eng Katastroph nët nëmme fir äis Lëtzebuerger, mä fir d'ganz Welt.

Wéi 1933 d'Nazien an Däitschland un d'Rudder komm waren, hate si ganz huerteg eng Léisung fond, fir mat der Aarbechtslosegkeet opzeraumen. All déi, déi keng Aarbecht haten an esouer vun hinnen, déi dem Nazirégime nët gréing waren, goufen am Handëmdréien an ‚Arbeitslager' gestach. Am Oste vum Preiseland hu se misse Stroossen an Autobunne bauen, si goufen a Rüstungsbetriber gestach, a spéider hu se wéi d'Maulefen un der ‚Siegfriedlinie' geschafft. All Männer a Fraen a jéngerem Alter hu missen an dee berühmtberüchtegten ‚Reichsarbeitsdienst' obligatoresch goen an d'Männer sin uschléissend an déi nei preisesch Wehrmacht gestach gin. Virdru ware se fir den Déngscht fir ‚Führer, Volk und Vaterland' agetrimmt gin. Jo si ware regelrecht fanatiséiert gin.

D'S.A. an déi berüchtegt Gestapo si wéi déi Wëll duerch ganz Däitschland gelaf, hun d'Leit a Stied an Dierfer schikanéiert, gefaangegeholl an an d'Kazetter gestach. Mat de Judde sin déi Däitsch ëmgesprongе wéi mat Véi. En Enn vun hirem esougenannte ‚Judenproblem' hu si gesicht a fond mat där ominöser ‚Endlösung'. Si hun d'Juden, ronn sechs Milliounen, zu Auschwitz an an aner Kazetter vergast a verbrannt.

Nodeem se den 1. September 1939 Polen an engem eenzege Massaker iwwerfall haten, an domadden den Zwete Weltkrich ugefaangen haten, ware si hirem Chômageproblem lass. Aus allen Häre Länner an Europa hu se d'Main-d'oeuvre an d'Preisecht geschleeft, fir an hire Rüstungsbetriber ze schaffen. Haut as dat alles vergiess. Mir Enrôlés de Force däerfen nët midd gin, dene jéngere Generatiounen dat alles ze rappeléieren, se opmiirksam ze maachen op déi nei Geforen an hoffen an eisem déifsten Ënneren, datt esou eppes, wéi mir et an eiser Jugendzäit erlieft hun, niimools méi passéiert.

Ech wëll dann och nach en Appell un iech all maachen, äis ze hëllefen, all déi RAD-Lager mat hiren Nimm opzezeechnen, an dene Lëtzebuerger Jongen a am leschte Krich waren. Bis haut war et mir méiglech, 60 esou Lager festzehalen. Et as elo héich Zäit an et bleift äis der nët méi vill, fir dës Aarbecht ze maachen. Duerfir, wann iech gliff, schreift mir jhust e puer Wuert a sot mer, wou der am Arbeitsdienst waart, wa méiglech mat der numerescher Zuel vum Lager.

Bleift mer elo nach déi traureg Charge, iech matzedelen, datt mir an eiser Sektioun viru kuerzem e Comitésmëmber zu Graf gedroen hun. All Dag stin eiser Komeroden an den Zeitungen, déi gestuerwe sin. Mir wëssen, datt mer op engem ofstiewen-

den Aascht sëtzen. Ech bieden iech, opzestoen an dene sëllegen Doudegen aus eise Reien an enger Minutt vu stëller Erënnerung ze gedenken.

Ech wënschen dem Kongress e gudde Verlaf a maachen en domat op."

Da war et um Nationalpresident, dem Jos. Weirich, fir séng Begréissungsusprooch.

„Léif Komerodinnen a Komeroden! Léif Gäscht!

Am Numm vum Zentralcomité an a méngem Numm heeschen ech iech alleguerten häerzlech wëllkomm. Méng Komeroden an och ech sin immens frou, datt dir de Wee no Stesel an esou grousser Zuel gemaach hut. Wéi ech elo grad héiren hun, si 47 vun 52 Sektiounen haut hei vertratt. Eng huet sech entschëllegt. Et as dat de Bewäis, datt d'Sektiounen nach ëmmer aktiv sin an drop halen, den Zentralcomité a séngen Aarbechten a Beméiungen ze ënnerstëtzen. Är Präsenz gët äis neie Courage an ech soen iech villmools merci fir d'Ënnerstëtzung, déi dir äis am Laf vun de Joere gin hut, mä och fir all déi, déi der äis an der Zukunft zoukomme loosst.

Ech begréissen dann och eis Invitéen (en huet dat esou gemaach an der Reiefolleg, wéi mir d'Gäscht am Ufank vun eisem Rapport opgezielt hun). De President huet dann nach weider de Vertrieder vum L.R.L., de Komerod Schintgen, an de Vertrieder vun der Eltereverenegung, de René Rodesch, begréisst.

Ech soen der Press, a besonnesch dem Lëtzebuerger Wort merci. Ech hat de Mueren d'Geleënheet, iwwer eise Kongress ze schwätzen op der soziokultureller Radiowell. Och dem DNR soen ech merci, deen eise Kongress annoncéiert huet, wéi ebenfalls och dem RTL-UKW.

Nach eemol, ech si ganz houfreg, datt esouvill Komerodinnen a Komeroden hei am Sall sin a wënschen, datt mer an aller Rou an Disziplin d'Kongressaarbechten hannerun äis bréngen. An domat gin ech d'Wuert un eise Generalsekretär, de Komerod Jim Bolmer, fir den Aktivitéitsrapport vum Joer 1996 virzedroen."

Da war et um Jim Bolmer, Generalsekretär, hei sei Rapport.

Grad wéi déi Joere virdrun, si mir och haut erëm ugetratt, fir Rechenschaft iwwer d'Schaffe vun der Associatioun an d'Kollaboratioun mat den ugeschlossene Sektiounen, awer virun allem, vum Zentralcomité ofzeleën.

Et sief dann och erlaabt, fir direkt d'Fro ze stellen, „ob dee massiven Asaz vun dene responsabele Leit, aus dene verschiddene Comitéen, iwwerhaapt nach ee Sënn huet". Verschiddentlech gët ee jo mat der Bemierkung: Mee wat wëllt dir dann nach? Dir hut jo elo alles!" konfrontéiert.

Sou Bemierkunge vun nët betraffene Leit kann ech verstoen, kommen sou intelligent Feststellungen awer vu fréieren (selwer) Zwangsrekrutéierten, da kann een nëmmen allergisch reagéieren. Méng Komeroden an ech och, mir sin der Menung, dass et am Liewe vill méi héich Wäerter ze verdedege gëlt as wéi den hei ugesprachene Materialismus. Mir sin äis och bewosst, dass et, wann et läschten Enns nëmmen dorëms géing, mir alleguerte besser hätten, doheem ze bleiwen, oder wéi eise President ëmmer gesot huet, „mat de Kele spille goen".

Mir wëssen haut, dass duerch den 2-plus-4 -Vertrag, Däitschland praktesch aus sénge Verpflichtungen, wat Reparatioun oder „Wiedergutmachung" aus dem Krich ubelaangt, souzesoen entlooss as. Mir wëssen och, an hun et ëmmer gesot, ouni awer vill Opmierksamkeet geschenkt ze kréien, dass sénger Zäit bei de Verhandlungen iwwer Reparatioune mat Däitschland, gravéierend an nët méi réckgängeg ze maachend Feler begaang goufen. An enger TV-Sendung „Panorama" krute mir den 30. Januar 1997 vun däitscher Säit konfirméiert, dass fréier Fräiwëlleger, ënner aneren och Lëtzebuerger, vum Bundesdäitsche Staat géingen entschiedegt gin iwwer d'Bundesversorgungsamt. Vill méi grave empfanne mir d'Tatsaach, dass Wehrmacht-SS- a KZ-Mäerder, also Krichsverbriecher, mat décken „Opferrenten" vum däitsche Staat entschiedegt gin, gläichzäit awer wiirklech NS-Affer, déi iwwer d'Bundesentschädigungsgesetz misste versuergt gin, einfach laanschtgekéiert gin. Dat sin Tatsaachen, dat as en Hohn, och nach 52 Joer nom Krich.

Eis Missioun awer as a bleift et, fir Begrëffer wéi Ethik, Moral, Éier an d'Wourecht ze verdedegen, nët nëmme vun äis, den Nachiwwerliewenden, mee haaptsächlech vun eise gemuerten a verstuerwene Komeroden. Hiirt Undenken muss eis helleg bleiwen.

Hiren Asaz an hiirt Affer soll dene kommende Generatiounen de Wee weisen.

D'Geschicht vum Krich muss iwwerliwwert gin, a si gët sou iwwerliwwert an interpretéiert, wéi mir si verloossen. Dës Geschicht muss mat den neisten technesche Méiglechkeeten, awer och mat dem néidege pädagogesche Geschéck un eis heiteg, kritesch Jugend erugedroe gin. Dobäi muss onbedéngt verhënnert gin, dass bei den ugesprachene Kategorien d'Gewëssen nët entsteet, si sollten eng Dankesschold obgebierd kréien.

Et däerf op kee Fall souwäit kommen, wéi ee bekannte Journalist, deen sech elo nach ganz rezent mat dem Thema befaasst huet, schreift: „Was wir heute erleben ist leider die Bewahrheitung der Behauptung, daß das einzige, das wir aus der Geschichte lernen, ist, daß niemand etwas aus der Geschichte lernt."

Voilà, ech wollt dës kleng Introduktioun virausschécken, fir dass dir, bei der Analyse vun den Aktivitéiten, besser verstitt, virwat mir äis et an dëser Fro nët ganz einfach maachen, an eis et och eppes kaschte loossen.

All déi nofolgend Aktivitéiten a Representatiounen, déi ech elo opzielen, hun ech hei dem Datum no opgelëscht. Fir iech elo nët onnëtz ze belaaschten a fir mech nët dauernd ze widderhuelen, verzichten ech och drop, fir hei mat Datumen ze jongléieren.

Comitéssëtzunge vun der Associatioun hate mir der 4. 25.1., 13.3., 20.4., 20.6.

Comitéssëtzunge vun der Federatioun, wou d'Leit vum C.C. mat engagéiert sin a wou och déi meeschten Decisioune geholl gin, hate mir der 7. 11.1., 22.2., 27.6., 1.8., 17.10., 21.11., 2.12.

De Comité fir d'Realisatioun vum Mémorial, an deem och véier Mêmbere vun dem Associatiounscomité aktiv sin, war 14mol zesummekomm.

An 22 Generalversammlunge vu folgende Sektioune ware Leit vum C.C. vertratt: 12.1. Sud-Ouest, 14.1. Groussbus, 21.1. Rammerech, 8.2. Rëméléng, 9.2. Schéffléng, 15.2. Käerch, 8.3. Réiserbann, 8.3. Iechternach, 14.3. Gemeng Suessem-Bieles, 15.3. Esch/Uelzecht, 16.3. Diddeléng, 21.3. Walfer, 22.3. Stesel, 4.4. Betebuerg, 4.4. Contern, 12.4.





Hesper, 26.4. Lëtzebuerg, 15.9. Monnerech, 22.10. Käl, 26.10. Nidderkuer, 27.10. Ettelbréck, 7.12. Jonglënster.

Journées commémoratives organiséiert vun der Federatioun, Associatioun oder enger federéierter Organisatioun resp. Sektioun: 20.

30.1.: Veillée nocturne zu Êiere vun den 91 Komeroden, déi zu Sonnenburg vun engem fanatiséierte SS-Kommando erschoss goufe, well si aus der Wehrmacht ugedréckt waren.

10.3.: Zu Bettborn huet d'Sektioun Groussbus, Bettborn, Viichten, Wal sech erënnert.

2.5.: Un der Oktavmëss hu wéi déi vergaange Joeren vill Leit partizipéiert.

5.5.: Zu Klierf beim Monument vum GI goufen a Präsenz vun engem Vertrieder vun der amerikanescher Ambassade, vum CEBA a vun de Gemengenautoritéite vu Klierf Blummen deponéiert.

Een negativen Aspekt as hei ze vermierken: Wahrscheinlech waren ons Sektiounen a Mêmberen nët genügend iwwer de Changement vun dem traditionellen Datum informéiert.

12.5.: D'Sektioun Uewerkuer huet sech erënnert.

12.5.: D'Bedelegung vun den Zwangsrekrutéierten un der Schlussprëssioun vun der Oktave huet sech zu enger Traditioun entwéckelt.

22.5.: D'Amicale Gembitz Deutschwalde huet sech zu Contern zu hirer Journée commémorative zesummefond.

27.5.: D'Sektioun Iechternach huet sech wéi all Joer op Péngschtméindeg zur traditioneller Mëss an der Basilika afond.

24.6.: Op Nationalfeierdag hun déi verschidde Comitéën an der Kathedral um Te Deum deelgeholl.

25.6.: Den Dag drop ware mir och mat enger Delegatioun an der Synagog, wou de "Culte israélite" vu Lëtzebuerg den Nationaldag begaang huet.

7.7.: Hir traditionnel Journée commémorative hun d'Komerode vu Gréiwemaacher an der Kräizkapell begaang.

8.9.: D'Journée commémorative nationale, vun der Fédératioun organiséiert, huet traditiounsgeméiss op Bauere-sonndeg stattfond.

15.9.: D'Sektioun Monnerech hat hir Journée dee Sonndeg drop.

6.10.: D'Sektioun Rammerech huet sech dëst Joer zu Pärel un hir Komeroden erënnert.

13.10.: Déi Jonglënster waren an hirer Gemeng zesumme fir d'Journée commémorative.

27.10: An déi Ettelbrécker waren, wéi all Joer, um Kiirfecht, an der Mëss, um lessen an duerno an der Generalversammlung beieneen.

9.11.: D'Journée des anciens de Tambow war ugangs November, wéi dat bei hinnen Traditioun as.

7.12.: D'Jongen, déi de 7.12.1945 aus russescher Gefaangenschaft koum sin, hu sech zur Erënnerung getraff.

26.12.: Zu Diddeléng war op Stiefesdag déi traditionell Erënnerungsmëss mat engem Dépôt vu Blummen an enger Receptioun.

Journées commémoratives, déi organiséiert ware vun der Regirung resp. vun enger anerer patriotescher Organisatioun, waren et der 9.

24.2.: D'Entente vun de Veräiner vun Hamm huet, wéi all Joer, an enger eegener Cérémonie déi gefalen Amerikaner geéiert an eng Delegatioun vun der Federatioun invitéiert.

4.5.: Op de 50. Anniversaire vun der Grëndung vun der Association des mutilés et invalides de guerre ware mir och invitéiert, déi dann och derbäi vertratt war. Dës Associatioun as nët ze verwiessele mat der L.L.M.I.G.

29.5.: Inauguratioun vum Mémorial de la Déportation an der Hollerecher Gare.

25.5.: Memorial Day um amerikanesche Kiirfecht zu Hamm an och an der Ambassade selwer, wou mir mat enger Dëlegatioun vertratt waren. Invitéiert hat den amerikanesche Gesandten.

30.6.: Wéi all Joer ware mir och dëst Joer zu Ettelbréck um „Memorial Day" derbäi, invitéiert hat d'Stad Ettelbréck.

7.7.: Zu Cinquefontaine war eng Gedenkzeremonie zu Éiere vun onse jüdesche Matbierger.

30.8.: Zu Wolz beim Streikdenkmal. Erënnerung un déi schrecklech Deg vun der Grêve zu Wolz, organiséiert duerch d'Gemengenautoritéiten.

13.10.: Journée commémorative nationale am ganze Land. Ons Federatioun huet partizipéiert an der Kathedral, beim Nationale Monument vun der Solidaritéit a beim Mémorial de la Déportation, wou vun der Regirung a vun der Municipalitéit Blummen deponéiert goufen.

20.10: Zu Iechternach hu mir partizipéiert un der Journée des déportés, déi vun der Association des déportés (Ëmsidler) organiséiert war.

Staatsvisiten, wou mir invitéiert waren, d. h. eis Präsenz war erwënscht beim offizielle Blummendépôt um Kanounenhiwwel: 2mol.

18.4.: de Kinnéck an d'Kinnigin vun Norwegen.

19.9.: de President vun Ungarn.

### *Culture et loisirs*

23.3.: Kaffiskränzchen organiséiert vun der Association des survivants an eisem Setz zu Hollerech.

11.7.: Visite vum Mémorial de la Déportation duerch déi Escher Sektioun. Déi Escher Sektioun as déi éischt Sektioun vun E.d.F., déi in corpore de Mémorial besicht hun.

12.8., 19.8., 26.8., 2.9.: 4mol haten d'Komerode vun der Chorale sech op Jonglënster deplacéiert, wou si ënner der Direktioun vum Pol Nilles geprouft hun, fir ons Mëss op der Journée ze sangen.

16.7. an 18.7.: Excursioun op Knokke vun de Mêmberen vum Comité Féd. (op hir ege Käschten)

9.10.: Agape fir d'Mêmbere vun der Chorale zu Houschent, wou si Blumme virum „Monument aux Morts" néiergeluegt hun; a wéi si bei där Geleënheet d'Lidd „Un Ons Jongen" souwéi d'Hémecht gesongen hun, sin op emol sämtlech Fënsteren an Diren opgaang.

15.9.: Zu Stolzebuerg hat d'Sektioun Housen, an dat mat der Kollaboratioun vum Syndicat d'initiative vu Stolzebuerg, den Trëppeltour organiséiert. An engem herrleche Kader versi mat där nou wenneger Infrastruktur, h sech nuren 20 Equip dem Starter gestallt, dee domat schlecht belour gouf fir säin Organisatiouns talent.

D'Komerode vun Useldéng waren denen aneren all eng Längt viraus a s hun de Challenge gewonn. Et rentéier sech, hei een Effort ze leeschten, wei de Gewënn vum Challenge berechteg op d'Organisatioun vum Rallye d'Joe drop. Also, alles op Useldéng fir de Challenge 1997.

14.11.: D'Sektioun Useldéng Groussbus zesummen hu eng Visite am Mémorial zu Hollerech gemaach.

15.11.: D'Fondation Alzheimer hu op d'Inauguration an d'Presentatioun vun hirem neie „Foyer de jour" an der Route de Thionville agelueden.

21.11.: Als 52. Sektioun gët d'Amicale Rogasen-Wollstein an d'Associatioun opgeholl.

10.12.: Remise vun engem Scheck vun 65 387 Frang u d'Fondatioun Alzheimer.

11.12.: Visite vum Mémorial de la Déportation zu Hollerech duerch de Grand-Duc. Op dës Visite komme mir hau nach zréck.

### *Internationales*

14.9.: Zu Hinzert hun eis Vertrie wéi all Joer, un der Journ vun der Amicale Hinzer deelgeholl an hun och Blummen deponéiert.

All déi elo ugesprachen Aktivitéiten, Representatiounen oder S tiën goufe solidaresch vun de Mêmberen aus dem C.C. erledegt. W awer eisen Zentralcomité scho sä Joeren uerg geschrompt as a well d'Leit aus de Comitéën nët vu Kra khete verschount bleiwen, hun d'Komerodinnen a Komeroden aus dem Federatiounscomité, d. h. déi Tambower an d'Survivanten, all eng Hand ugepaakt, wann et enk gouf. Dofir figuréieren si och elo hei mat an der Präsenzlëscht. Déi gesäit folgend moossen aus:

Bolmer 55, Champagne 19, Clees 12, Coner 13, Gruber 20, Hames 22, Jacob 47, Muller 34, Olsem 18, Reuter 11, Steffen Mme 3, Weirich 57, Junck 20, Steffen J. 15, Flammang Mme 20, Reeff Mme 52.



Dobäi bleift awer ervirzehiewen, dass wann déi Leit heemkommen, domat hiren Job nach nët gelaf as, mee da geet fir Leit, wéi de President, de Caissier, de Sekretär, de Redakter oder den Archivar an déi Persoun vum Service social, déi hir Aarbecht zu Hollerech maachen, eréischt un. Wéivill Stonne jidderee vun hinnen an der Klausur verbréngt, dat wësse si eleng.

Zoufälleg sin ech gewuer gin, dass den Archivar 5 Stonne pro Woch am Archiv gewuddert huet.

Dobei hun déi Leit och nach alleguer à tour de rôle, donneschdes a samschdes, de Guide am Mémorial besuergt. Well ech dës Präsenzlëscht nët zu Gesiicht kritt hun, kann ech näischt Präzises soen.

Wéinst der Kasko hu mir der Assurance Axa 14 832 gefuere Kilometer gemellt.

### *Nécrologie*

Laut enger minitiös geféierter Lëscht vun onsem Komerod Emile Olsem, sin am Laf vum Joer 1996 284 Dammen an 353 Hären aus de Joergäng 1920 bis 1927 verstuerwen. Zesummen: 637.

Am grousse Ganzen, aus der Distanz gekuckt, kann ee soen, ee rouegt, ee gewéinlecht Joer. Et as wouer, mir hun de Moment weider keng spektakulär Aktioune lafen an dach waren déi Betraffen alles anescht wéi am Chômage.

Als Héichponkt vum Joer, a mir sin houfreg drop, musse mir dach d'Realisatioun vun der 1. Phase vum Musée am Mémorial festhalen.

Onopfälleg an onbemierkt an der Öffentlechkeet, as hei während zwee Joer vill a wäertvoll Aarbecht geleescht gin. Dëst Wierk as geschafe gin a fairer, solidarescher Zesummenaarbecht vun der Amicale Auschwitz, vun der Associatioun vun den Ëmsidler a vun der Federatioun ënnert der gekonnter Direktioun vum President a Komerod Guy de Muyser. Well ech onsem President nët virgräife wëll, beschränken ech mech drop, fir ze soen, dass no e puer fehlgeschloe Versucher, dëse Musée a Präsenz vu villen illustre Gäscht, den 29. Mee 1996, an enger memorabler Zeremonie konnt ageweiht gin.

Eng Opwäertung krut dëst Wierk den 11. Dezember 1996 duurch d'Visite vum Grand-Duc. Den offizielle Programm vun der Visite war op 3/4 Stonn getimt an den héige Gaascht, dee sech fir alles intresséiert huet, hat et 1 1/2 Stonn ausgehal. Bei däer Geleënheet krut hien nach ee Faksimilee vum Wappen (Roude Léif) aus der Éirepuert vu Slonsk mat engem Konschtalbum mat Photoën iwwer d'Inauguratioun vun der Éirepuert vu Slonsk vum 30. Abrëll 1965 iwwerreecht.

Déi 2. Phase am Mémorial, och doriwwer kann onse President méi erzielen, as am Gaang realiséiert ze gin souwéi och eng Bibliothéik mat Literatur iwwer de Krich mat sénge Folgen hei zu Lëtzebuerg.

Ons Oktavmëss war och erëm, grad wéi schon déi Joere virdrun, gutt besicht an déi nächst Woch kréie mir erëm d'Geleënheet, fir derbäi ze sin.

Ech wëll dann och eemol drun erënneren, dass dës Mass op Initiative vun der deemoleger Eltereverenegung, mat hirem President, dem Här Paul Simonis, an de Programm vun der Oktave opgeholl gouf. De verantwortleche Leit vum Klerus soe mir Merci fir hir Ustrengung, dës Mass feierlech a wouméiglech mat geeschtlechen E.d.F.-Komeroden ze zelebréieren. Merci och eemol der Chorale enfantine vu Monnerech, déi säit dem Bestoen dee gesanglechen Deel besuergt.

Eis Unerkennung awer och onsem Erzbëschof Mgr Fernand Franck, deen all Joer drop hält, fir an dëser Mass derbäi ze sin. Obschon d'Kiirch ëmmer gutt gefëllt as, géinge mir dach zesummeréckelen, wann eemol e Minister oder een Deputéierten oder soss eng Perséinlechkeet Zäit géing fannen, fir sech mat ons un ons ongléckIech Komeroden ze erënneren.

Och déi säit enger Zäit adoptéiert Traditioun, sech un der Oktavschlusspréssëssioun ze bedelegen, as vun de Mêmbere gutt acceptéiert gin. Mir sin och dëst Joer derbäi a mir adresséieren äis un déi Leit, déi sech dofir intresséieren, sech ze bedelegen.

Leider bestin och hei, wéi bei allen öffentlechen Zeremonien, wou d'Präsenz vun de Fuendelen erwënscht an ubruecht as, Schwiregketen. Wéi mir ugefaang hun, waren alt 9 a 7 Fuendelen derbäi, d'Iescht Joer nach 1. Mat Absicht hun ech dëst Thema ugeschnidden, villäicht kann nach doriwwer debattéiert gin, well all ons Sektioune si mat dësem Problem konfrontéiert. Et as schwéier, fir nach ee valide Mêmber ze fannen, fir de Fuendel ze droen, dobäi kommen dann och nach déi leideg Parkingproblemer. Hei musse mir ons eppes an der Zukunft afale loossen.

Ech mengen, dir wird all mat mir d'Accord, wa mir der nach nët allzelaang gegrënnter Käercher Sektioun, ënner der Presidentschaft vum Strausse Pitt, géinge merci soen a si felicitéiere fir dee gutt organiséierten Nationalkongress d'Iescht Joer, den 20. Abrëll. Hir Aarbecht gouf belount duerch eng Rekordbedelegung vun de Sektiounsdelegatiounen. 42 Sektioune mat 103 stëmmberechtegten Delegéierten hu participéiert. Rodange war entschëllegt an aacht Sektiounen hun onentschëllegt gefeelt.

11 sëlwer an 8 gëlle Rubane sin uschléissend u verdéngschtvoll Mêmbere verdeelt gin.

Zum Verdele vun dëser Auszeechnung as och eng kleng Kritik unzebréngen. Déi Leit, déi dekoréiert gin, si verdéngschtvoll Mêmberen, déi vun de Sektioune proposéiert gin. Déi Leit sollen dës Auszeechnung och an engem wierdege Kader iwwerreecht kréien. Och déi Aktioun verdéngt Respekt an Opmierksamkeet. Well awer déi Opmierksamkeet beim Éierewäin all Kéier ënnergong, war zu Käerch versuchshalwer programméiert gin, de Ruban uschléissend un de Kongress am Sall ze verdelen. Leiter haten déi Delegéiert och hei nët méi dat richtegt Sëtzlieder, sou dass d'Rubane virun eidele Bänke verdeelt goufen. Dat as nët den Zweck vun der Übung. Mir hun dofir dëse Punkt dëst Joer matten an den Ordre du Jour vum Kongress eragesat.

A wa mir schon e Réckbléck maachen, vergiesse mir och nët ons Journée commémorative vum 8. September. Wien erënnert sech nët un déi sympathesch Usprooch vun dem amerikaneschen Ambassadeur, dem Här Clay Constantinou. Mir waren all erstaunt iwwer séng Kenntnisser vun den Evenementer am Krich hei zu Lëtzebuerg. Mat hirer Präsenz haten de Staatsminister J.-C. Juncker, de Vizepresident vun der Châmber Ed. Junkker, d'Madame Minister Erna Hennicot-Schoepges, den Eurodeputéierte Ben Fayot souwéi vill patriotesch

Organisatiounen eiser Journée ee feierleche Cachet gin.

D'Kapitel Service social kann ech iwwergoen, well och hei huet eise President iech eppes neies ze soen.

Ech wëll trotzdem beim soziale Volet bleiwen a widderhuelen, dass mir den 10.12. ee Scheck vu 65 387 Frang un d'Fondatioun Alzheimer iwwerreecht hun. Et war dat d'Resultat vun der Quête aus der Mass vun der Journée commémorative vum 8. September an der Garer Kiirch. Firwat grad d'Fondatioun Alzheimer? Mee mëttlerweil wësse mir, wat fir eng schrecklech Krankheet Alzheimer as.

Bei enger Enquête vun dene Responsabele vun der Fondatioun bei de Patienten, déi si an hire puer Foyeren de jour gemaach hun, konnte si feststellen, dass 30 Prozent vun dene Leit am Krich zwangsrekrutéiert oder am Prisong oder KZ waren. Also as hei ons Hëllef gutt ubruecht a si kann ouni Zwëschestatioun op der richteger Plaz ukommen.

Ech hätt iech zwar nach munches ze soen, awer mir hun nach ee chargéierte Programm an ech wëll herno nët de Schëllege sin. Wann nach iirgendeen herno iwwer dëse Rapport eng Fro huet, kann en dat bei der Diskussioun maachen.

Bis dohi soen ech iech merci fir är Opmierksamkeet.

De Rapport iwwer der Associatioun hir Finanze gouf virgedroe vum Komerod Emile Gruber.

Hien huet der Versammlung d'Chiffre vu sénger Komptabilitéit presentéiert. Doraus goung ervir, datt der Associatioun hir Finanze bien en règle sin, an datt d'Balance e klenge Boni ergët. De Pierre Rassel huet am Numm vun de Keessereviseuren dem Emile Gruber nët nëmmen eng korrekt, mee exemplaresch Féierung vu sénger Komptabilitéit bescheinegt. Dorophin huet de Jos. Weirich d'Versammlung gebieden, duerch Applaus dem Emile Gruber Décharge ze gin, déi dann awer och dem Zentralcomité a grousse Luef ausgesprach huet fir all déi Aarbechten, déi en am leschte Joer gemaach huet am Intérêt vun allen Enrôlés de Force. D'Charge vun der Keesserevisioun fir 1997 iwwerhuelen d'Komeroden Arthur Anen, Jean-Pierre Goffinet a Pierre Rassel.

Bei der programméierter, statutarescher Erneierung vun de Mêmbere vum Zentralcomité gouf der Versammlung en neie Mêmber virgestallt.

De Courage zu deem Schrëtt hat de Komerod Norbert Melcher vun der Steseler Sektioun. Dat gouf mat staarkem Applaus acquittéiert. Nodeem déi austriedend Mêmber fir eng weider Period vun zwee Joer nei bestätegt gi waren, setzt den Zentralcomité sech folgendermoossen zesummen: Jos. Weirich, President; Bernard Jacob, Vizepresident; Jim Bolmer, Generalsekretär; Emile Gruber, Keessier; an da weider figuréieren als Mêmberen: Nicolas Champagne, Jos. Clees, Julien Coner, Jean Hames, Norbert Melcher, Jacques Muller, Emile Olsem, Julien Reuter a Marguerite Steffen. Wa schon duerch en Neizougang den Zentralcomité opgestockt konnt gin, da bleiwen dach nach zwou Plazen onbesat. An doriwwer sin déi, déi elo schon zënter 30 a méi Joeren an der Responsabilitéit sin, dach a bësschen niddergeschloen (fir et nët méi schaarf auszedrécken).

Deen nächste Kongress gët, wéi d'Versammlung eestëmmeg beschloss huet, am Joer 1998 zu Esch/Uelzecht ofgehalen. D'Komeroden aus dem Escher Sektiounscomité hate sech schon z' joer zu Käerch ugin a si sin och schon amgaang, d'Preparatiounen derfir ze treffen. Merci der Escher Sektioun."

## Motiounen

louchen dem Zentralcomité keng vir. Dee Ponkt um „Ordre du jour" war dann och huerteg erledegt.

## Dékoratiounen

Éier et zur Auszeechnung vun 29 Mêmbere mat dem „Ruban en argent" a mat dem „Ruban en or" koum, huet den Nationalpresident en etlech Bemierkungen an Erklärungen der Versammlung virgedroen:

„Wat d'Zousproche vun denen zwou Auszeechnungen unbelangt, rapelléiere mir nach eng Kéier, dass dat nëmmen eng Ugeleëenheet vum Zentralcomité as, a séng Mêmbere verfuere streng nom Reglement, dat am Juni 1964 opgestallt gouf an dann an de Joeren 1984 an 1988 ëmgeännert gi war. D'Federatioun verdeelt och e Ruban, deen onofhängeg vun denen zwéi vun der Associatioun as. Also komme fir d'Associatioun nëmme Propositiounen a Fro, déi d'Mêmbere vun de Sektiounscomitéën areechen.

Doniewend kann awer
Zentralcomité och där Auszeech
gen zousprichen, wann hi
verdéngschtvolle Mêmber bekan
deen nët vun enger Sektioun p
séiert gouf.
Fir datt eng Sektioun iwwer
Propositioune maachen däerf,
se d'Konditioune vum Reglemen
fëllen. Si muss hire Bäitrag un
sociatioun bezuelt hun; hir Dema
muss bis den 1. Mäerz virleien
geet nët, dass dës oder déi Sektiou
puer Deg virum Kongress ons se
Huelt nach dës oder déi Propositio
mat virun. Ech froen iech: Wéi ka
de Comité an esou kuerzer Zäit dori
wer befannen, a wéi mengt der, da
mir zousätzlech däer Rubane kën
beschafen? Et muss jidderengem
ichten, dass, wa mer 15 Rubane
chen, mir keng 30 bestellen. D
Uschafungspräis as duerfir nun
eemol ze héich. Weider soll der
sen, dass de Fabrikant bis zu
Woche brauch, fir d'Auszeechnu
ze fabrizéieren. Dir gesitt also, d
nët vun ongeféier as, wann den Ze
tralcomité drop besteet, dass d'
tiounen hir Demande matzäiten a
chen.
Weider sollt der och wëssen, da
am iewescht Gremium vun eiser Ve
enegung, all Propositiounen ou
weideres ugeholl gin, awer dat nën
men dann, wann d'Sektiounen
règle mat de Bestëmmunge vum R
glement sin.
Dann nach eppes, woumat m
nech Sektioun den Zentralcomité
uerg Verleënheet bréngt. D'abord si
rappeléiert, dass déi Auszeechnu
geschafe gouf, fir besonnesch ve
déngschtvoll Mêmberen aus eise Se
tiounen ze belounen an ze éiere
Nom Reglement gët verlaangt, dat
allem virop, déi eenzel Sektiounen e
reell Aktivitéit entwéckelen. Et kan
dach nët sin, datt et do heescht: M
elo kritt den Néckel oder Pitt och em
e Ruban, an den Zentralcomité hu
zënter Joeren näischt vun däer Sek
tioun héieren. Eng Sektioun mus
schon eng aussergewéinlech Aktivité
entwéckelen, sief et um lokalen ode
nationale Plang.
De Kongress huet och scho v
Joere mat grousser Majoritéit be
schloss, datt besonnesch de „Ruba
en or" nët mat der Géisskan soll ve
deelt gin. D'Valeur vum Ruban mis
onbedéngt erhale bleiwen. Et war ä

opgedroe gin, dass d'Zuel vun de „Rubans en or" acht bis zéng Stéck nët dierft z'iwwerschreiden, déi dann all Joers ausgedeelt gin. Am Ufank hate mer zwee, dräi, duerno ëmmer méi. De Comité as och d'accord fir Ausnahmen ze maachen, an dat virun allem, wa mer wëssen, esou wéi dat haut ëmmer méi dack de Fall as, dass dëse Komerod oder déi Komerodin gesondheetlech Schwiregketen huet.

Dann hätte mer awer gäeren, datt eng Sektioun äis soll matdelen, wat fir Leeschtungen deen eenzelne Mêmber akkumuléiert huet. Et geet nët duer, äis ze schreiwen, deen an deen as vun Ufank un derbäi. Do muss der äis scho ganz konkret an aussergewéinlech Leeschtunge mellen, déi derzou ugedoe sin, fir datt e Mêmber ausgezeechent soll gin. Duerfir liwwert äis präzis Donnéen. Sot äis watfir aussergewéinlech Verdéngschter, ausser datt en ëmmer Mêmber an der Sektioun war, deen Eenzelnen ze verzeechnen huet.

An dann nach eppes ganz Wichteges: Wann dir äis är Demande ergitt, wouranner eng ganz Rëtsch vu Leit figuréieren, fir ausgezeechent ze gin, da sot äis och wellech Prioritéit dir denen Eenzelnen araumt. Mir kënnen onméiglech wëssen, wien dir als 1., 2. oder als 3. ausgezeechent wëllt gesin.

Mir hun dëst Joer eng Ausnahm gemaach an hu 16 „Rubans en or" akkordéiert. Mir waren der Menung, datt et prësséiere géif.



Wann iech gliff, sot äis an ären Demanden nët: Mir proposéieren, fir ausgezeechent ze gin, sechs Mêmbere fir de „Ruban en or", well aner Sektiounen hun der ewell och scho vill zougesprach kritt an dodernieft fannt der et nach nët emol fir néideg, irgendwelleche Verdéngscht unzegin, fir datt se sollen ausgezeechent gin! Dat as, an dir musst mir dach Recht gin, keng Manière de procéder, ganz ofgesin dovun, datt domat onverfruere géint d'Reglement verstouss as, esou verfuer gët, ewéi wann et nët géif existéieren. An deem Sënn kënne mer op jiddefall nët weidermaachen, well mer riskéieren, de Wäert vum „Ruban en or" komplett ze devaluéieren. De Ruban muss e valabele Merci fir aussergewéinlech Leeschtunge bleiwen! Wann dir anerer Menung sid, da soen ech iech: Loosse mer ophalen, där Rubanen ze verdelen!

Ech soen awer och nach eiser Steseler Sektioun merci a bravo, dass si de Kongress vun 1997 bei sech organiséiert huet an dat op eng virbildlech Aart a Weis.

Da war et um Komerod Edouard Juncker, a sénger Qualitéit als Vizepresident vun der Châmber, fir denen 13 Komeroden a Komerodinnen eemol de „Ruban en argent" a weider 16 aneren de „Ruban en or" unzespéngelen."

Fortsetzung am nächste Bulletin.

| Ruban en argent | Sektioun |
|---|---|
| 1. Peters Jean | Déifferdéng |
| 2. Sanctuary André | Déifferdéng |
| 3. Bastian-Hoffmann Irène Mme | Diddeléng |
| 4. Lordong-Hilger Léa Mme | Diddeléng |
| 5. Gleis Philippe | Dikrech |
| 6. Hennes Georges | Dikrech |
| 7. Olinger Jean | Lëtzebuerg |
| 8. Wester Michel | Rogasen-Wollstein |
| 9. Allamano François | Rogasen-Wollstein |
| 10. Gerhards Jean | Rogasen-Wollstein |
| 11. Kemp Marie-Thérèse Mme | Sanem-Belvaux |
| 12. Hilbert Martin | Stesel |
| 13. Schmitz Nic. | Sud-Ouest |

| Ruban en or | Sektioun |
|---|---|
| 1. Sturm Nekel | Diddeléng |
| 2. Linster Robert | Dikrech |
| 3. Büchel Nicolas | Dikrech |
| 4. Bissen Aloyse | Groussbus |
| 5. Hoffmann-Mersch Catherine Mme | Jonglënster |
| 6. Straus Pitt | Käerch |
| 7. Deltgen Mimy Mme | Lëtzebuerg |
| 8. Flammang Mélanie Mme | Lëtzebuerg |
| 9. Baustert Mathias | Sanem-Belvaux |
| 10. Wiltgen Fernand | Sanem-Belvaux |
| 11. Nickels Metty | Schiren |
| 12. Eiffes Théo | Stesel |
| 13. Spanier Gaston | Stesel |
| 14. Schmitz Roger | Sud-Ouest |
| 15. Traufler Henri | Useldéng |
| 16. Kousmann Emile | Wormer |

# Sektioun Useldéng

**Rendez-vous de 24. August 1997 zu Useldéng fir d'Promenade-Surprise vun den E.d.F.**

**Opgepasst:** D'Promenade-Surprise as sonndes, de 24. August, an nët den 23. August, wéi dat de Schreiwer vun dësen Zeilen iirtëmlecherweis iwwer de President Jos. Weirich um Nationalkongress zu Stesel matdele gelooss hat. En ëntschëllegt sech duerfir.

Déi vun der Federatioun gestëfte Wandercoupe as nët fir d'éischte Kéier zu Useldéng. De Challenge oder och Wandercoupe gouf déi éischte Kéier de 24. Juni 1973 bei der Promenade-Surprise vun der Amicale „Ons Jongen" zu Dikkerech bei wonnerbarem Wieder ausgespillt.

Bei enger onwarscheinlech grousser Konkurrenz hat de Grupp 2 vun Useldéng de Challenge gewonnen.

Deemools ware mer houfreg an hun äis eng Hatt voll gemengt!

An dat gouf gefeiert. A wéi!

Vun Dikkerech erëm doheem ukomm, gouf d'Coupe am openen Auto a mat vill Kaméidi durech d'ganzt Duerf geféiert, fir se ze weisen.

Duerno gouf se am Café TRAUFLER, dem Staminet vun den E.d.F. vun Useldéng, mat Schampes gefëllt an eidel gemaach. An dat nët nëmmen eng Kéier!

Déi ganz Feier huet sech bei gehuewener Stëmmung ofgespillt an huet zimlech laang gedauert, esou wéi dat zu Useldéng de Gebrauch as, wann eppes gefeiert gët.

Mat grousser Begeeschterong huet d'Sektioun Useldéng sech dunn dru gin, fir dat Joer drop de Challenge auszespillen.

Dat as de 16. Juni 1974 geschitt. Grad ewéi zu Dikkerech hate mer wonnerbaart Wieder. De Succès war grouss. D'Coupe koum op Diddeléng (duerno koum se nach eng Kéier 1977 an 1987 op Diddeléng). Mir hu se elo fir d'zwete Kéier zu Useldéng.

Mir ware méi erféiert wéi erfreet, wéi mer d'lescht Joer zu Stolzebuerg d'Coupe iwwerreecht kruten. 1973, dat as esou gutt wéi ee 1/4 Joerhonnert hir, ware mer nach an eise beschte Joren. Haut kann een dat nët méi soen!

Eis grouss Suerg war: Wéi solle mir mat denen nët méi esou jonken Dammen an Hären aus eise R färdegbréngen, fir d'nächst d'Coupe auszespillen?

Eisen éischte Gedanke w Hëllef bei eise Komeroden a Fré der Nopeschsektioun Grousst froen.

Si ware bereet, ma si sin o méi jonk wéi mir.

Hëllef hu mer du bäi äis am D selwer fond:

- D'Pompjeen hëllefen de Parco z'organiséieren.
- D'Chorale mixte vun Uselde këmmert sech ëm de Servi Centre culturel.
- D'Millebléiser (eng Formatio aus der Useldénger Musek en as) offeréieren ee Concert ma ter Stëmmungsmusek nom peltur. – D'Useldénger Musek iwwregens 1995 hir 100 Joe feiert.

D'Promenade-Surprise steet Kéier ënner dem Motto: **„MIR W SEN IECH EIST DUERF"**.

1983 krut Useldéng den Ei tel **„Schéint Duerf"** zouerkannt, deem et 1982 scho vun Europa stra (eng Niewenorganisatioun der WEU) ee **„Certificat de m** *pour le travail de belle restauratio nouvelle construction harmonie afin de rétablir une scène rurale* *que et de donner l'exemple aux villages voisins"* kritt hat.

De Certificat de mérite as ënnerschriwwe vum deemolege President vun Europa Nostra, dem Lord DUNCAN SANDYS, et war dem CHURCHILL säin Edem (bestued mat dem Winston Churchill sénger Duechter Mary, déi hien am Mee 1946 bei séngem Staatsbesuch zu Lëtzebuerg begleet hat).

**An hei de Parcours vun der Promenade-Surprise 1997**, déi ganz op eisen Alter zougeschnidden as (1974 waren et nach 7 km – den Trëppeltur vun 1974 as spéider den „Auto-Pédestre" vun haut gin):

De **Parcours (A)** huet 1 300 m. Fir déi Gruppen, déi méi ee groussen Trëppeltur wëlle maachen, kënnt de **Parcours (B)** nach derbäi, dat sin dann nach eng Kéier 1 300 m, d.h. 2 600 m am ganzen.

Départ an Arrivée: Centre culturel am Millenhaff direkt niewent dem Trëmel am Zentrum vum Duerf.

Parcours (A): Millenhaff, duerno lénks iwwer d'Atertbréck op d'Béiwener Strooss laanscht de Klouschterhaff (hei stong vum 11. bis an d'17. Joerhonnert ee Benediktiner-Priorat, wou am Ufank vum 12. Joerhonnert de Séilege Péiter vun Useldéng gelieft a gewiirkt huet), bis hannert dat lescht Haus a Richtung Béiwen. Do rechts ofbéien, laanscht deen neie Footballterrain iwwer d'Atert bis bei d'Buvette vum Footballterrain (1. Kontrollpunkt).

Da weider duurch de Reendelwee (r. de la Gare) mat 2. Kontrollponkt beim Haus KEIPES. Virun duurch den Trëmel (Place centrale), an d'Ieweschtgaass (r. d'Arlon, zu Useldéng heescht dat „Eeweschtgaass") laanscht d'Monument aux Morts bis virun d'Kiirch, da rechts iwwer d'Schlassbréck duurch de Schlasshaff (leschte Kontrollpunkt) iwwer deen ale Kiirfecht a laanscht déi rekonstruéiert Grondmauere vun der aler Porkiirch (déi 1903 ofgerappt gouf) zréck an de Centre culturel. – D'Schlass gouf am 11. Joerhonnert gebaut.

Et as ee liichte Parcours mat e bësche biergop virun der Kiirch an en etlech Trapen erof fir zréck an de Millenhaff, soss as et iwwerall gläich.

**Parcours (A) + (B):** Et as jiddfer Grupp iwwerlooss de Parcours (A) eleng oder de Parcours (A) + (B) ze man.

Nom Parcours (A) geet de Parcours (B) virun der Kiirch weider d'Ieweschtgaass erop bis bei d'Gärtnerei LAHR, dann de Pallerwee erop. Hei geet et biergop, d. h. op 400 m Wee as bis op d'Ho (276 m) eng Héichtendifferenz vu 25 m z'iwwerwannen. Vun hei aus huet een eng schéi Vue: östlech op den HELPERKNAPP bei Bëschdrëf (388 m), südöstlech, d. h. jhust vis-à-vis de Gaalgebierg (hei stong fréier de Gaalge vun der Herrschaft Useldéng), südlech op den DITZEBIERG bei Sëll (378 m) mat séngem Biergréck a südwestlecher Richtung bis op d'Kräizerbuch (Waasserscheed tëschent Atert an Äisch) an nordwestlech op d'Éislécker Koppen mat dem NAPOLEONSGAART bei Gréivels am Hannergrond (549 m, héichste Kopp am Réidener Kanton an zweethéichste Plaz am Lëtzebuerger Land).

Op der Ho gët och fir den Duuscht gesuergt (hei gët eng Consommatioun offeréiert). Dann zréck iwwer d'Ho, den Hobierg erof bis virun d'Kiirch, vu wou un de Parcours (B) grad ewéi de Parcours (A) weider verleeft (mat leschtem Kontrollpunkt am Schlasshaff).

Duurch d'Duerf sin iwwerall Trottoiren. Do, wou et iwwer d'Strooss geet, steet ee Pompjee, fir opzepassen, datt näischt geschitt a fir de Wee ze weisen.



D'Gewënner vum Challenge de 24. Juni 1973 zu Dikkerech (déi éischte Kéier, wéi de Challenge ausgespillt gouf). An der Éiwegkeet si schon dovun d'Komeroden Henri WALTZING, Henri WINANDY, Marcel FRANTZ aus der Sektioun Useldéng an de Roger SCHAUL vu Groussbus.




## Berichtigung

**AM HEFT NR. 1/1997 VUM „SACRIFIES" AS EN ARTIKEL OP DER ZWEETER SÄIT AN DEEM AM LESCHTEN ABSCHNITT FOLGENDEN TEXT OFGEDRÉCKT AS:**

*„Diese in russisch (kyrillische Buchstaben) benannte Broschüre wurde von der Elternvereinigung zusammengestellt."*

Well dat iewer nët stëmmt, bieden ech lech, folgendes ze verbesseren: Als deemolegen ugestallten Direkter vun d Zeitung „Ons Jongen" kann ech dat hei richtegstellen. Den derzäitegen Centralcomité, ënner der Presidentschaft vum A thur Steil a Vizepresident R. Fandel, hat mir den Opdrag gin, esou eng Broschür erauszegin, mee leider hate mir de mols nët genuch Geld. Ech hun de René Urbany gefrot, hie sollt mat séngem Papp schwätze fir datt d'Regirung kën eppes ënnerhuelen (säi Papp war deemols Minister). Zwee Deg drop hat ech e Rendez-vous mam Minister Urbany. D rophin huet hien der Ligue „Ons Jongen" 1 Millioun Frang zur Verfügung gestallt. Onse Büro an der Stad (Neipertsgaas huet déi ganz Broschür zesummegestallt, Fotoen hu mir ons vun de Familje gefrot an den Numm mam Geburtsdag preisesch drënner geschriwen. Dovun hu mir déi ganz Blieder no a no un den Här Demuyser gin, dee perfekt russes konnt. Ech sin am Numm vun der Ligue „Ons Jongen" op Paräis gefuer an eng Emigrantendréckerei (Wäissrussen) d ons d'Broschür gedréckt hun. Déi éischt Säit as vum Péil Schlechter entworf gin. D'Clichéën an den Drock vun der Br schür as vun der Ligue „Ons Jongen" mat der Mathëllef vun hire Sektiounen zesummegestallt gin.

D'Broschüre selwer si vun der Ligue „Ons Jongen" op Moskau geschéckt gin.

*A. Boch*

Fir d'Zäit z'iwwerbrécke, bis dee leschte Grupp agelaf as a bis d'Klassement bekannt gemaach gët, offeréieren d'Millebléiser ee flotte Concert an d'Dammen aus der Chorale man sech eng Éier draus fir eng Consommatioun oder/an eng Klengegkeet fir z'iessen ze zervéieren (Bréidercher od. ee Stéck Taart mat od. ouni enger Tas Kaffi).

Parkplaze sin am Schoulhaff od. op der Parkplaz uewenun der Kiirch am Hobierg.

Vill Freed um Tréppeltur 1997 wënschen d'Komerodinen an d'Komerode vun Useldéng. *Léon RATHS*

*Useldénger Buurg mat de „Monument aux Morts" (ageweiht d. 11. Oktober 1970). D'Buurg stan aus dem 11 Joerhonnert a gouf 168 vum Sonnekinnek (jouis XIV) séng Zaldoten zerstéi*



*De Millenhaff mat dem Kulturzentrum (inauguréiert den 30. Oktober 1982)*



### REGLEMENT VUN DER PROMENADE-SURPRISE VUN DEN E.D.F. SONNDES, DE 24. AUGUST 1997 ZU USELDÉNG

1. Haaptsächlech invitéiert sin d'Mêmbere vun der F.V.N.E.F., hir Familjen a Frënn. Ma och all aner Leit, déi sech fir eisen Tréppeltur intresséieren, si wëllkomm.
2. Départ an Arrivée vum Tréppeltur sin am Centre culturel zu Useldéng.
3. Den Départ kann tëschent 14.30 a 15.15 Auer gewielt gin. D'Promenade gët a Gruppe vun 3 bis 6 Leit gemaach. All Grupp designéiert ee Gruppechef. De leschte Grupp soll spéidstens ëm 17.00 Auer erëm zréck am Centre culturel sin.
4. All Grupp decidéiert selwer op se de Parcours (A) eleng (1 300 m) oder de Parcours (A) + (B), dat sin 2 600 m, tréppelt.
5. Beim Depart kritt all Grupp am Centre culturel ee Questionnaire iwwerreecht, deen ënnerwee ausgefëllt gët. Weider kritt dann nach all Grupp op 3 verschidde Kontrollponkten een zousätzleche „Pensum" z'erledegen, wou och nach Ponkten ze verdénge gin. Den Total vun de gesammelte Ponkten ergët d'Schlussklassement. Bei gläicher Ponktenzuel decidéiert d'Zousazfro. D'Decisioun vum Jury as definitiv an ouni Recours.
6. Déi véier éischt klasséiert Gruppe kréien ee Präis iwwerreecht. Well mer um Duerf si bestin d'Präisser aus ländleche Produkten:
   1. Präis: Een Assortiment aus der Haascht
   2. Präis: Een Assortiment Wäiwaasser aus enger Bauerebrennerei
   3. Präis: Ee Miseler Assortiment
   4. Präis: 1 Këscht Geeschtesaaft (Béier).

   All aner Gruppe kréien als Trouschtpräis a fir hir Méi ee Sixpack Béier iwwerreecht.

   **DE GEWËNNER VUM CHALLENGE (WANDERCOUPE) AS DEEN ÉISCHT KLASSÉIERTEN E.D.F.-GRUPP, D. H. ZESUMME MAT ENGEM VUN DE PRÄISSER, WÉI SE VIRDRUN OPGEZIELT SIN.**
7. All Persoun iwwer 15 Joer bezuelt ee „Startgeld" vun 300,- LUF. D'Zomm vun all Grupp w.e.g. virum 15. August op de C.C.P.L. Nr. 31471-43 vun den Enrôlés de Force Useldéng iwwerweisen. Déi bezuelten Zomm gët nët méi zréckbezuelt.
8. Jiddereen, deen den Tréppeltur matmécht, mécht dat op séng eege Responsabilitéit. D'Sektioun vun den E.d.F. vun Useldéng kann op kee Fall responsabel gemaach gin, wann engem ënnerwee eppes zoustousse sollt.
9. Aus organisatoresche Grënn sollen d'Umellunge **spéidstens bis de 15. August schrëftlech** beim Sekretär virleien (Léon RATHS – Hobierg 5, L-8706 USELDANGE).
10. All Persoun, déi sech fir d'Promenade-Surprise umellt, as mat dësem Reglement d'accord.



## UMELLZIEDEL

D'Sektioun oder d'Amicale *(Veräin, Grupp vu Privatpersounen)*

........................................................................................................................

mellt heimat fir d'Promenade-Surprise vun den E.d.F. de 24. August 1997 zu Useldéng ........... Gruppe(n) mat ........... Leit un.

Nr. Bezeechnung vun der Grupp — Numm vum Gruppechef

1........................................................................................................................

2........................................................................................................................

3........................................................................................................................

# Sektioun Hesperange

## Assemblée générale de l'Association des enrôlés de force

Les enrôlés de force, victimes du nazisme de la section de Hesperange et leurs chers, fidèles et valeureux sympathisants se sont réunis le 8 mars 1997 à la Brasserie «Uelzechtdall» à Hesperange pour tenir leur assemblée générale annuelle. Le vice-président et secrétaire de l'association, le camarade Armand Weissen, a ouvert l'assemblée avec le traditionnel bienvenu pour présenter ensuite un bref aperçu de son rapport d'activité en 1996.

Il a complété son discours plus approfondi sur les loisirs vécus par les membres de l'association au cours de l'année écoulée. Il a surtout mentionné à cette occasion le voyage organisé le 8 août 1996 en bateau de plaisance Marie-Astrid de Grevenmacher à Bernkastel. Les 80 participants au voyage étaient ravis de l'organisation exemplaire. Finalement, les assistants à l'assemblée ont approuvé par acclamation les différents rapports prononcés par le vice-président et secrétaire de l'Association.

Une minute de silence a été observée en mémoire des défunts de l'année passée. Il s'agit de nos camarades Michel Breithoff, Albert Wanderscheid (1er échevin de la commune de Hesperange) et Jean Weber.

Le camarade Armand Goergen a présenté le bilan de 1996. La situation financière ne laisse rien à désirer. Acclamations positives quant à la bonne gestion des comptes financiers de l'association.

Les réviseurs de caisse, en l'occurrence les camarades Etienne Schmit et Michel Wester, ont certifié la tenue exemplaire de la comptabilité faite par l'ancien président et trésorier, le camarade Julien Coner, en 1996. Armand Goergen et Etienne Schmit ont été désignés par l'assemblée comme réviseurs de caisse pour l'année en cours.

Comme leur valeureux président et trésorier, le camarade Julien Coner a démissionné de ses fonctions pour cause de maladie à partir du 31 décembre 1996, le vice-président et secrétaire Armand Weissen l'a remercié pour son travail exemplaire pendant 20 ans dans l'intérêt général de l'association. L'assemblée lui a attribué le titre de président d'honneur à vie.

L'élection partiel du comité s'est avéré nécessaire. Voici la composition du nouveau comité de l'association.

Julien Coner, président d'honneur et à vie

Michel Wester, président

Michel Behm, vice-président

Armand Weissen, secrétaire

Roger Ney, trésorier

Pierre Heinen, Norbert Oster, Mathias Scheer et Emile Stein, membres.

Un dîner à la Brasserie «Uelzechtdall» a clôturé l'assemblée générale. On s'est quitté dans une ambiance parfaite et collégiale.

*Michel Wester*

**Démission de ses fonctions de secrétaire de Monsieur Armand Weissen.**

Lors d'une réunion du comité au grand complet des Enrôlés de force, victimes du nazisme de la section de Hesperange, qui s'est tenue le 9 mai 1997 à l'ancienne école sise rue de Hesperange à Itzig, Monsieur Armand Weissen a démissionné de plein gré du poste de secrétaire au sein du comité. Dorénavant toute correspondance est à adresser à Michel Wester, 37, rue de Hesperange, L-5959 Itzig. *eMWe*

# Inhalt


In Pace .......... 2
D'Krichsjoeren 1940-1945 .......... 3
Protest-Resolution .......... 4
Nationalkongress .......... 5
Sektioun Useldéng – Promenade-Surprise .......... 12
Berichtigung von Heft 1/97 .......... 12
Sektioun Useldéng – Umellziedel fir d'Promenade-Surprise .. 15
Sektioun Hesperange – Assemblée générale .......... 15
Aus eisem Adenda .......... 16


# Aus eiser Agenda

### *Mémorial de la Déportation op der Hollerecher Gare*

De Musée as op all Donneschdeg nomëtteg vu 14.30 bis 17.30 Auer, oder op Rendez-vous. Telephon 35 00 14. Entrée: fräi.

All Méindesowends um 18 Auer, no den Informatiounen an dem Manifestatiounskalenner op RADIO DIDDELENG 103,6 fm oder op der Gemeinschaftsantenn 100,3 eng Sendung iwwert **d'Geschicht vun der Lëtzebuerger Jugend am 2. Weltkrich – Diddeléng a schwéirer Zäit.**

Zu Diddeléng as eng Dauerausstellung **„d'Enrôlés de Force vun 1940 bis haut"**. Fir de Public as se op all Donneschdeg muerges vun 9.15 bis 11.15 Auer. Si kann awer och all Dag a Feierdag besicht gi vu Gruppen.

Duerfir soll ee sech virdrun umellen, an zwar op engem vun den Telephonsnummeren: 51 17 17 / 51 43 89 / 51 02 82.

---

**Sonndeg, 7. September 97**
Journée commémorative nationale vun den Enrôlés de Force an der Stad.

**Samschdeg, 27. September 97**
Journée commémorative locale vun der Sektioun Betebuerg.

**Sonndeg, 12. Oktober 97**
Journée de commémoration vun der Sektioun Jonglënster

**Sonndeg, 8. November 97**
Journée an Assemblée générale vun der Amicale des Anciens de Tambow.

**Samschdeg, 6. Dezem**
Assemblée générale vun der
ster Sektioun an Ëmgéigend
glënster.

**Stierwesdag, 26. Dez**
Traditionell Commemorati
zu Diddeléng fir all gefal,
no dem Krich verstuerwen
Force.

---

### *Opruff un all Kome déi aus russesc Gefaangeschaft h koumen*

Mat Ausnam vum La
BOW, an enger Rei aner Lag
bekannt sin, wire mir frou,
ze kréien aus folgen Lager:

ASTRACHAN – ATKAR
EKATERINBURG – ENG
GRAUDENZ – INSTERB
KAUNAS (KOWNO) –
KOHTLA – JÄRVE – KRAM
KURSK – LIBAU – NOVOS
NOWOGRAD VOLIN
VELIKIJE LUKI – NO
HORONESH.

All Donnée si wëllk
Aarbecht, Zäit, déi se an d
verbruecht hun, Nimm vu K
déi bei hinne waren. Alles g
a weider verschafft fir en
Musée de la Déportation an
recher Gare. Mir mussen d
fäerdeg maachen, well ges
et ze spéit. Merci fir all M
Donnée soll der riichten un:

*MELCHER Norber*
*1, Wisegässel – L-7333*
*Telephon: 33 60 3*


**Fédération des victimes du nazisme, enrôlés de force,** Association sans but lucratif –
Siège: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg,
**boîte postale 2415, L-1024 Luxembourg, CCP 31329-95 – Banque Internationale: 5-217/4**
Rédaction du bulletin bimestriel «Les Sacrifiés», 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg.
**Service social aux enrôlés de force:** 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg, tél. 48 32 32.
**L'Association des parents des déportés militaires luxembourgeois,** secrétariat: 3A, rue de la Déportation,
L-1415 Luxembourg, boîte postale 2415, L-1024 Luxembourg
**L'Amicale des anciens de Tambow,** secrétariat: Kleinbettingen, 14, rue de Kahler, CCP 24007-48
**L'Association des enrôlés de force, victimes du nazisme,** secrétariat: 3A, rue de la Déportation,
L-1415 Luxembourg, boîte postale 2115, L-1024 Luxembourg, CCP 31324-90
**Association des survivants des enrôlés de force, a.s.b.l.,** siège: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg
La correspondance est à adresser à Mme Josée Reeff, 11, rue de Moutfort, L-5355 Oetrange,
tél. 35 00 14.
Impression: Imprimerie Saint-Paul s.a., Luxembourg